Lëtzebuerger Guiden a Scouten

association sans but lucratif
*reconnue d'utilité publique*

Bilsdorf Guide and Scout Centre · Neihaischen Guide and Scout Centre · Fënsterdall Scout Campground · LGS shop by Lessure Workwear

# Newsletter

3/2021

***Léiwe Member a Frënn vun der a.s.b.l. vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten,***

*Och an de leschte Wochen a Méint hunn ons verschidde Comitéen äifreg geschafft a mat déser Newsletter wëlle mer ee klengen Abléck an ons Aarbecht ginn.*

*Déi wichtegst Nouvelle ass awer, dass iwwert de Summer nees Guiden- a Scoutsaktivitéite mat Iwwernuechtung an onsen zwee Haiser konnten ugebuede ginn. Zwar nach mat verschiddenen Aschränkungen, mais besser wéi näischt. An dat huet gutt gedoen.*

*Vill Spaass beim liesen a kucken,* ***Eric***

## Chefdag 2021 an den Däichwisen







Mat interessanten Aktivitéite war d'Asbl dëst Joer um Chefdag vertrueden, deen als grouss Foire organiséiert gouf.

Mir hunn e **Feieratelier** mam Christophe proposéiert, deen e schéine Erfolleg hat, an e **Geschécklechkeets-Worfspill,** wou d'Chef an d'Cheftaine flott Gadgeten mat de Logoe vun eise Chaleten a Campingsplaze konnte gewannen. D'Memberen vum CA hunn sech de ganzen Dag ofgeléist bäi der Animatioun an haten och hire Spaass.

Och eisen **LGS Shop** war vertrueden an huet all méiglech Badgen an aner Scoutsartikelen ugebueden. E gelongenen Dag wou d'Asbl hir Servicer de Chef/taine méi no bruecht huet.

## Grousse Succès fir de Floumaart zu Bilschdref

De WE vum 18. an 19. September, huet de Comité Bilsdorf an Zesummenaarbecht mat den Amis du Guidisme Beetebuerg an de Fréiere Guide Schëffleng e grousse Floumaart organiséiert, an dëst op enger Surface vun **200 m²** um Rez-de-chaussée an am Haff vum Relais de l'Amitié.



Samschdes ab 10 Auer, konnten d'Visiteuren, no engem **COVID-Check**, en Einbahntour laanscht eis Stänn maachen an déi schéinste „Fléi" kafen a mat heem huelen.

Sonndes, géint 17.00 Auer waren ëm déi **150 Visiteure** passéiert an et gouf Zäit, eis „Fléi", déi net verkaf goufen, fir d'nächst Joer anzepaken.

## Video-Clippen vun eise Chaleten a Campplazen





Summerzäit ass Campzäit, a mir hu vun der Geleeënheet profitéiert fir eis Chaleten a Campingsplazen mat Guiden a Scouten am Bild festzehalen.



Dës Clippen sollen eis attraktiv Siten Neihaischen, Fënsterdall a Bilschdref heiheem an och am Ausland méi bekannt maachen.



Wärend aacht Deeg ass de **Guy Schon** vun Imaj Film op déi eenzel Plaze gefuer, fir eis Memberen an Aktioun opzehuelen. Si hunn all formidabel matgemaach a mir sinn immens zefridden iwwer déi gelonge Filmercher. De Scoutsshop an d'Géisserei sinn d'nächst Joer un der Rei.

*Kuck hei de Clip vu Bilschdref*

## Auvent Quattro stagioni

**„Bien vivre la pandémie?"** Esou housch de Programm vun der Oeuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte fir Associatiounen bei konkreten Aktiounen e.a. an der Jugendaarbecht während der Pandémie z'ënnerstëtzen. Iwwert dëse Programm krute mer ee beweeglechen Iwwerdag iwwert der Terrasse finanzéiert, deen dëser Deeg opgeriicht gëtt.

Éischtens, well d'Pandemie eng Dynamik ugeléiert huet **„from indoor to outdoor"**, d.h. esou vill wéi méiglech Programm soll dobaussen organiséiert ginn. Zweetens, well dës gutt Gewunnechten och no der Pandemie solle bäibehale ginn.

D'Météoconditioune sinn déi déi se sinn an et gëtt jo bekanntlech kee schlecht Wieder, mee just schlecht Gezei; mee bei villen Aktivitéiten ass en „Auvent" oder en Ënnerstand net verkéiert. Et muss ee jo net onnéidegerweis zoppnaass gi oder e Sonnebrand kréien. Dëse Wiederschutz ka jee no Joreszäit bis 144 m² vun 168 m² iwwerdecken.



**„Au soleil, sous la pluie, à midi ou à minuit. Il y a tout ce que vous voulez … "** geschwënn um Neihaischen.

*De Comité CNR-NH*